

LËTZEBUERG BRAUCH ENG INVESTMENT OFFENSIV FIR D'ENERGIETRANSITION ZE ACCELERÉIEREN

Mir hunn eng Klimakris a mir wëssen, datt d'Fundament op deem eis modern, industriell an digital Gesellschaft opgebaut ass – bëlleg fossil Energie an déi domat verbonnen CO2 Emissiounen – eis d'Klima staark beaflosst an dauerhaft verän*tert.

Konkret besteet de Risiko, datt duerch Verännerungen am Klima dem Mënsch säi Liewensëmfeld an der Zukunft vill méi onberechenbar a schwiereg gëtt. Éischt konkret Unzeeche gesinn a spiere mir mir och elo schonn zu Lëtzebuerg, mat ze waarme Wanteren a Summeren. Ze wéineg Reen wäert mëttel- a laangfristeg e Problem fir eis Landwirtschaft duerstellen. Eis Grondwaasserspiegel riskéieren sech iwwert de Wanter net nohalteg erhuelen ze kënnen an eis Bëscher sinn duerch de Mangel u Reen elo scho Stresssituatiounen ausgesat.

Aus dësem Grond ass et fir d'CSJ eng absolut Prioritéit d'Transition vu fossille Brennstoffen op alternativ Energien ze acceleréieren.

Lëtzebuerg ass ee vun de gréisste Produzenten vun Zäregase pro Kapp an der Europäescher Unioun a muss dofir mam gudden Beispill virgoen. D'Regierung huet ambitiéis erneierbar Energieziler gesat, awer d'Ëmsetzung vu dësen bleiwt wäit hannert den Erwaardungen zréck. Am Verglach mat aneren europäesche Länner ass Lëtzebuerg vill méi lues bei dem Opbau vun erneierbaren Energiekapazitéiten, besonnesch a Wand a Sonn. Eurostat-Daten no hat Lëtzebuerg 2019 mat nëmme 8,4% den zweetniddregsten Undeel un erneierbaren Energien a sengem Brutto-Energieverbrauch bei den EU-Memberstaaten. Lëtzebuerg ass also Schlusslicht an dat trotz enger Regierungsbedeelegung vun Déi Gréng an de responsabele Ministère säit elo bal 10 Joer. Am Géigesaz hunn aner europäesch Länner vill méi héich Undeeler un erneierbarer Energie an hirem Stroummix. Länner wéi Dänemark, Schweden a Portugal generéieren méi wéi d'Hallschent vun hirem Strom aus erneierbare Quellen.¹

Mir stelle fest, datt et der Regierung net geléngt hir ambitiéis Ziler ëmzesetzen. Et feelt un enger klorer politescher Prioritiséierung vis à vis aneren Interesse wéi zum Beispill dem Naturschutz a Landschaftschutz. Dëst féiert dozou, datt den Ausbau vun z.B. Wandrieder a Solarpanneauen staark ausgebremst gëtt.

Als CSJ setze mir eis dofir an, datt déi nächst Regierung den Ausbau vun den alternativen Energien zu Lëtzebuerg – nieft dem Logement – zu enger klorer nationaler Prioritéit erklärt.

Dobäi ass d'Acceleréiere vun der Energietransition zu Lëtzebuerg och wesentlech fir eis Energiesécherheet. Lëtzebuerg ass staark ofhängeg vun Energieimporten. Grad nom Iwwerfall vu Russland op d'Ukrain hu mir gesi wéi geféierlech et ass op engem héije Moos vun Energieimporten aus vereenzelten Länner ofhängeg ze sinn. Duerch d'Erhéijung vun der Notzung vu lokalen erneierbaren Energiequellen wéi Wand a Solar ka Lëtzebuerg seng Energiesécherheet erhéigen a seng Ofhängegkeet vun dësen Importen reduzéieren.

1

<https://www.tageblatt.lu/headlines/letzter-platz-luxemburg-im-oeko-energie-vergleich-mal-wieder-ganz-hinten/>

Doriwwer eraus setzt sech d'CSJ och dofir an, dass déi Investitiounen an erneierbar Energiequellen dozou féieren, dass zu Lëtzebuerg nei Aarbechtsplaze entstinn an, dass déi Investitiounen mat enger Strategie verbonne ginn Entreprisen unzezéien déi an dësem Beräich produzéieren a fuerschen.

Insgesamt ass also d'Acceleratioun vun der Energietransitioun zu Lëtzebuerg net nëmme wesentlech fir d'Klimaziler ze erreechen, mee och fir d'Energiesécherheet ze verbesseren, wirtschaftlech Méiglechkeeten ze schafen an eis Kompetitivitéit op laang Siicht ze garantéieren.

Aus dëse Grënn, fuerdere mir an der nächster Legislatur eng **Investment Offensiv² vu 5 Milliarden Euro (ëffentlech & privat) iwwert déi nächst 5 Joer fir dës Energietransitioun ëmzesetzen**. Dës weidere si folgend Mesuren mat der néideger Drénglechkeet ëmzesetzen:

Produktioun – erneierbar Energien

- Mir musse vun den Fossilenergie fortkommen. D'Timeline dozou soll 5 bis 20 Joer sinn an idealerweis duerch e parteiwwergräifenden Accord gedroen ginn.
- Ausbau vu Photovoltaikplantagen an Aggro-Plantagen iwwerrall am Land.
- De Staat an d'Gemenge musse selwer massiv an erneierbar Energien investéieren, zum Beispill op ëffentlechen Gebaier, op hiren Terrainen, asw.
- Den Ausbau vun erneierbaren Energien (Solar & Wand) op engem industriellen Niveau fir eng dezentraliséiert Energieproduktioun auszebauen.
- Upassen a vereinfache vu Prozeduren, mat kloeren Délaisen, notamment am Beräich vun der Emwält, fir dësen Ausbau ze acceléieren an ze prioritiséieren.

Ausbau Netzinfrastuktur

- Upasse vum Stroumnetz fir déi lokal produzéiert Energiegewannung am Land ze verdeelen.

Individuell Hëllef / Subsiden

- Förderung vun digitale Stroumsystemer a Bus Systemer muss verstärkt ginn fir méi effizient mat Energie ëmzegoen.
- Mir wëllen och eng finanziell Ënnerstetzung bei der Uschaafung vun neien Haushaltsgeräater (Frigo, Tiefkühler, Wäschmaschinn, asw.) déi méi energieeffizient si fir finanziell méi schwach Stéit.
- Eropsetze vun der Förderung vu Solaranlagen, Wärmepompen a Solarthermid. Dës Hëllef solle verstärkt sozial gestaffelt ginn.

Europäeschen Ausbau

- Lëtzebuerg ass keng Insel an dowéinst ass et wichteg op eng Vifalt un Energiesourcen ze setzen mat dem Zil fir eis Energieversuergung méiglechst onofhängeg vu Länner ausserhalb vun Europa ze maachen.

² <https://web.stanford.edu/group/efmh/jacobson/Articles//145Country/22-145Countries.pdf>

- Dowéinst brauchen mir e plan de production d'énergie en Europe an d'EU déi dofir noutwendeg Kompetenzen.
- Eng Kooperatioun tëschent Nopeschlänner fir grenziwwerschreidend Energieprojeten ze realiséiere soll op europäeschem Niveau encouragéiert a begleet ginn. Déi jeeweileg Länner sollen dofir an dese Regiounen enk zesumme schaffe fir déi selwecht Standarden, Steieren asw. festzeleeën.

CO2 Steuer

- CO2 Steuer muss weider erop goen, bei engem gläichzäiteg sozialen Ausglach. Nëmmen esou kënnen wirtschaftlech déi richteg Ureitzer fir d'Industrie an d'Stéit gesat ginn. Wann d'Energiepräisser particulièrement héich sinn, kann decidéiert ginn, dës Steuer net weider eroperopzesetzen.
- Am Steiersystem soll verstärk op e Belounungssystem fir d'Spuere vun CO2 gesat ginn.

Atomstrom

- Als CSJ si mir lwwerzeegt, datt mir op erneierbar Energiequellen mussen a sollen setzen. Atomstrom ass fir eis net déi richteg Energiesource a stellt verschidde Risiken duer déi fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg net ze negligéiere sinn. Trotzdeem stelle mir fest, datt déi bestoend Atomkraftwierker an Europa aktuell nach als Bréckentechnologie genotzt musse ginn, well se manner CO2 Emissiounen ausstosse wéi e Kuelen- oder Gaskraftwierk. Atomstrom erméiglecht eis kuerz- an méttelfristeg Energiesécherheet ze garantéieren bis mir déi neideg Kapazitéite vun erneierbaren Energiequellen geschaaf hunn.

Verstärkt Hëllef an der Energietransitioun vu PME'en:

- Bessonesch kleng Betriber mat manner wéi 10 Leit kämpfe mat héichen Energiekäschten. Dës Betriber musse verstärkt gehollef kréie fir sech z.B. méi energieeffizient Maschinnen unzeschaffen oder Solaranlagen ze installéieren.

Stockage, Fuerschung & Entwécklung

- Mir brauchen am Kontext vun der Energietranistioun och e massiven Ausbau vun der Stockage Kapazitéit vun Energie an d'Entwécklung vun neien Technologië fir d'Stroumnetz stabil ze haalen. Dowéinst ass et wichteg och verstärkt an d'Fuerschung an an d'Weiderentwecklung vun dësen ze investéieren.

Ugeholl um CSJ Nationalkongress vum 11. Mäerz 2023 zu Déifferdeng